2007/08

PLAY OFF

Le journal officiel du HBC BASCHARAGE

www.hbcb.lu

Zweet Plaz am Viséier

HBC Bascharage - HB Esch

Samsdeg 17. März 20:30 Auer

Besser hätt fir eis Hären de Play-off net kéinten ufänken. No der 37:35-Victoire zu Diddeleng ass eis Équipe op déi drëtte Plaz geklomm an huet hier gutt Form ënnerstrach. Mat enger virbildlecher Astellung an engem immense Wëllen hunn eis Spiller géint den HBD ni en Zweiwel opkomme gelooss a gewisen datt sie nach e laange Parcours viru sech hunn. Fir eis Häre war dëst de siwente Succès aus de lëschten aacht Matcher.

Op dëser klenger Euphoriewell gëllt et elo weiderzefueren an dofir muss déi ganz Konzentratioun dem nächste Géigner gëllen.

Den HB Esch hat géint Schëffleng spilleresch net iwwerzeegt an huet virun allem duerch ning Siewemeter d'Victoire geséchert. Fir de Fusionveräin leeft d'Saison och net ganz no Wonsch, virun allem an der Hironn si wäertvoll Punkten hänke gelooss ginn. Och an der Coupefinale géint Bierchem konnt d'Équipe vum Maurizio Parisotto säin Titel net verdeedegen an trotzdem steet Esch op der zweeter Plaz an der Tabell. Op genee dëser zweeter Plaz wëllen eis Hären no dësem Spilldag stoen an dofir muss e Samschdeg den Owend gewonne ginn, virun allem, wann een nach e Wuert em den Titel mat schwätze well.

D'Viraussetzunge stinn och guer net esou schlecht, well an der Normalronn hat den HBCB och schonns "Op Acker" géint Esch gewonnen, an dee Succès géif d'Équipe vum Bob Colovic ganz gäre widderhuelen.

Fir Spannung ass garantéiert gesuergt a mat der néideger Ënnerstëtzung vun eise Supporteren hunn eis Hären déi zweet Plaz ganz fest am Viséier. (ms)

Eis nächste Mätcher

Samsdeg 17. März 2007

14:00	Poussins Filles	Bascharage - Dudelange
16:45	Cadettes	Bascharage - Grevenmacher
18:30	Hommes 2	Bascharage 2 - Schifflange 2
20:30	Hommes 1	Bascharage - Esch
	Ball gestëfft vun Jean CLEMENT	
	Cadets	Exempt
	Poussins Garçons	Exempt

Sonndeg 18. März 2007

15:15	Scolaires Garçons	Bascharage - Mersch
16:00	Damen RPS	HC Gonsenheim - Bascharage

Denschdeg 20. März 2007

20:30	Damen National	Pétange - Bascharage

Resultater

Samsdeg 10.3.2007

Scolaires Garçons	Berchem - HBCB	31 - 24
Hommes 2	Red Boys 2 - HBCB 2	29 - 31
Dames RPS	HBCB - HSG Landau	28 - 23
Hommes 1	Dudelange - HBCB	35 - 37
Poussins Filles	Echternach - HBCB	(remis)

Sonndeg 11.3.2007

Poussins Garçons	HBCB - Diekirch	(remis)
Minimes Filles 2	HBCB 2 - Grevenmacher	3 - 20
Minimes Filles 1	Dudelange - HBCB 1	8 - 19
Juniors	Diekirch - HBCB	19 - 43
Dames National	HBCB - Diekirch	23 - 14

Mëttwoch 14.3.2007

Cadets	Berchem - HBCB	26 - 22

BOFFERDING · LADENBAU BRAND · CK FITNESS Center · Electro SCHMIT · Charpente Couverture Ferblanterie Miller · YVES BRAUN ENTREPRISE DE PEINTURE · SALES-LENTZ · Pneus Graas · COORDINATION CLAUDE WEINZIERL · Chauffage Sanitaire ANWOLUX · FREELANDER'S SPORTS FASHION · JMS Entreprise de Constructions Schmit J.M. Tuntange · Michelangelo Restaurant Pizzeria DIPPACH · Hilbert Constructions · Anwolux Espace Carrelages

Piper Heidsiek - Telicse Foetz - Chapier Office Ehlange - Déménagements Streff Strassen - Rowenta - Hôtel Gulliver Bascharage
Arendt & Schackmann Colmar-Berg - Plâtrerie Herzog sàrl Welfrange - BCEE - Bureau Comptable Pascal Wagner Pétange
Andreosso & fils sàrl Crauthem - enNefF Informatique s.a. Bascharage